



ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Mars di Bartolomeo
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 23. Mee 2017

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir den ëffentlechen Déngscht an Administrativreform an un den Här Bausseminister weiderzeleeden.

Am Internet ass op YouTube de Video "eGovday 2017" (Kopie vum Link: <https://www.youtube.com/watch?v=N9pnQO4cqyA>) ze fannen, deen iwwert de YouTube-Kanal vu *guichet.lu - Portail Citoyens* eropgeluede gouf an, mam Logo vum CTIE (Centre de technologies de l'information de l'Etat) versinn, der Ëffentlechkeet zougänglech ass. An dësem Video gëtt den aktuellen amerikanesche President zu Werbezwecker benotzt, andeems seng Persoun gewise gëtt an och seng Riedens- an Ausdrucksweis imitéiert gëtt. Duerch dës satiresch Duerstellung gëtt den amerikanesche President ëffentlech dem Spott ausgesat. Dat ëffentlecht Notze vu satireschen Duerstellungen, soll un a fir sech kee Problem sinn, allerdéngs ass et an dësem Fall eng lëtzebuergesch, staatlech Administratioun, déi dës Satir an d'Ëffentlechkeet dréit, a keng Privatleit oder Medien.

An dësem Kontext hunn ech e puer Froen, déi ech der Regierung gär stelle wéilt:

1. Kennen déi Häre Ministeren dee Video "eGovday 2017" deen ënnert dem Logo vum CTIE leeft an duerch de YouTube-Kanal vu *guichet.lu - Portail Citoyens* am Internet ze fannen ass? Ass et richteg, datt déi genannten Administratioun verantwortlech ass fir d'Produktioun an d'Publikatioun vun deem Video, an deen domat en offizielle Charakter huet? Huet den zoustännege Minister säin Accord dozou ginn?

2. Wien huet dëse Video an Optrag ginn, wien huet e bezuelt a wéi vill huet e kascht? Gëtt de Video och nach an anere Medie gewisen?
3. Fannen déi Häre Ministeren et richtig, datt eng Satir iwwee deen amerikanesche President an engem Video vun enger lëtzebuergescher Administratioun gemaach gëtt? Wa jo, wéi eng aner Staatscheffe wëllen déi Häre Ministeren nach vu lëtzebuergeschen Administratiounen esou behandle loosse?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser
Deputéierten